Woltz, den 29. August 82

Muer, 30. August gin et 40 Joer dass iwert Lëtzebuerg é vun dénen schärzesten Dég a senger Geschicht eragebrach ass. Kirmessondeg, den 30. August 1942 an der Austellungshal zum Lampertsbierg huet de Gauleiter Gustav Simon, onséilegem Gedenken, an enger Grousskundgebung, zu Lëtzebuerg d'Wehrpflicht agefouert.

Net genuch dass dat freit an onofhängegt Groussherzogtum Lëtzebueg vun déitschen Invasiounstruppen den 10. Mä 1940 iwerfall a besat gouv;
net genuch dass mat der Aféierung vun der Zivilverwaltung Lëtzebuerg "Heim ins Reich" gefouert sollt gin;
net genuch dass déi ufanks schéin, mä falsch Verpsirechen an hannerlöschteg Verlackelungen duerch Verhaftungen, Folteren an Péngegen duerch d'Gestapo, politesch, gesellschaftlech, beruflech a wirtschaftlech Drockmettelen u Lëtzebuerger ersat gouven;
net genuch dass mir frei Menschen anengem freie Land all de preisesche Krôm, Schikanereien an faulen Zauber iwert ons hu missen ergoelossen;
net mat all dém genuch, mä elo gett zum Vernichtenden Schlag géngt d'Lëtzebuerger Vollék, wat sech net nazifizéiere léisst, ausgeholl.

Séng Jugend soll vernicht gin! Verpolfert un déne geféierlechste Krichsfronten. Den Nowuess soll ausstierven; d'lëtzebuerger Vollék ass zum Ennergang kondamnéiert. Dat war d'Haptziel vum priesesche Gauleiter a senge Gefollegsleit.

Dat war de wirkleche Hannergedanken vun der Aféierung vun der Wehrpflicht an onsem Land. Et war keng militäresch erfuerderlech Mossnahm, égal wéi grouss d'Verloschter un deitsche Zaldoten och war. E puer dausend Lëtzebuerger konnten dat gemengten dausend jähregt Reich net méi retten.
Au contraire: onbegéschtert Zaldoten an zu all méiglecher Sabotage an Disziplin-losegkét berét hun méi geschued wéi gehollef. Och dat woussten déi deitsch Militärführer. Awer de Gauleiter Simon hat seng Idee, Lëtzebuerg duerch Entvölkeren an deitscht Reich anzeglidderen beim HIlter duerchgesat.

Den 30. August 1942 war et esouweit.

Eng Welt vun Erschrecken, Verzweiflung, Roserei an "zu allem beréd" huet onst Land iwerzunn an munchem nach Gudgléwegen sin d'Aen entgülteg opgangen. All gudde Lëtzebuerger huet a séngem Herz gespuert, dass et elo nemmen nach just emt d'Iwerliewen vun sénger Natioun géiw goen.

Démno koum och d'Reaktioun. Net viraus geplangt, net an Détailler an netdirigéiert, mä spontan a gleichzeiteg kum aus alle 4 Ecken vun onsem Ländchen en entschlossend Nén, "dat do net", als Äntwert op d'Unkennegung vun desem schreckleche Verbriechen.

Zu Woltz, Schéffleng, Dikkerech, Iechternach, Esch, Lëtzebuerg, fir nemmen des Uertschaften stellvertriedent fir nach vill aner ze nennen ass d'Arbecht néiergeluecht gin, d'Geschäfter zougemach, d'Studenten an d'Professeren d'Schoule verloss, keng Mellech méi ofgeliwert, an engem Wuert d'öffentlecht Lieven ass erstarrt.
Geschlossen an éneg huet d'Lëtzebuerger Vollék sech virun seng Jongen gestallt. Démols ass de Begreff "Ons Jongen" entstanen, gebueren aus dem Ausruf "elo huele se och nach ons Jongen".
Déi démoleg Weltpress huet a grousse Schlagzeilen iwert de Courage vun déer klenger lëtzebuerger Natioun bericht déi et gewot huet dem mächtege deitsche Reich mat engem Generalstreik entgéintzetrieden.

Natirlech ass et kom wéi et huet misse kommen. No der éischter Iwerraschung a Sprachlosegkét vun den Nazidiktatoren ass brutal a bludeg geäntwert gin. Dausende vun Lëtzebuerger gouven verhaft, verschléft, a Prisongen a Kazetter gepéngegt. Zwanzeg vun onse Beschten vum Standgericht higemuerd. Den 21. selver, en Deitschen, zu Köln gekäppt. Op bludeg rouge Plakaten stungen Nimm a wéi kennt et aneschtsin dass um virowend vun desem schrecklechen 30. August, op desem 40. Anniversaire, hei zu Woltz, virum Nationalem Streikdenkmal ech net d'Nimmvun dese Beschte Lëtzebuerger ons hei Versammelten a Respekt an an déiver Dankbarkét an d'Gedächtnis zeréck ruffen:
Brück Alfre, Schoulméschter zu Woltz,
Ewen Jos, Schoulméschter zu Woltz,
Lommel Célestin, Schoulméschter zu Woltz,
Meiers Charles, Schoulméschter zu Woltz,
Muller Nic, Gemengesekretair zu Woltz,
Worre Mich, Chef vum Wirtschaftsamt zu Woltz,
Kons Nic Jean, Postbeamten zu Lëtzebuerg,
Angelsberg René, Schlesser zu Déifferdéng,
Mischo Robert, Schlesser zu Déifferdéng,
Schneider Jean-Pierre, Schlesser zu Déifferdéng,
Toussaint Ernest, Pitz-Uwenarbechter
Weets Alphonse, Dréier,
Dax Michel, Eisebunner vun Ettelbréck
Thull Jean, Eisebunner vun Ettelbréck
Heiderscheid Emile, Dachdecker vun Dikkerech,
Biren Ugène, Walzendréier vun Schefffleng,
Schmit Alfons, Professer zu Iechternach

Déi, déi mir haut an an den nächsten Dég éieren si gestuerven, fir dass mir konnten weider lieven. Weider konnten a kennen lieven a Fridden a Fre-hét, an engem freien an onofhängegen Lëtzebuerg.
E'er Hirem Undenken.